

Lëtzebuerg, den 10 janvier 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro vum 18. November 2021 huet de Landwirtschaftsminister confirméiert, datt ënner den aktuelle Konditiounen eng käschendeckend Produktioun am Schwéngssektor zu Lëtzebuerg net méiglech ass, et sief dann d'Reserven aus de konjunkturrell staarke Jore géifen esou eng laang Iwwerbréckung erlaben. Hien huet och präziséiert, datt enger Ëmfro no, ganz vill Betribsleeder am Schwéngssektor drun denken, opzehalen. Vun den 33 befrote Betriber géifen der 12 (36%) d'Schwéngsproduktioun an de nächste Joren net weiderféieren.*

*Fir aner Betriber gëtt en keen anere Choix wéi weiderzefueren, well hir Investitioune mussen ofgeschriwwe ginn. Leider huet d'Situatioun am Schwéngssektor sech nach ëmmer net gebessert an d'Bäihëllef fir d'Existenzsécherung vun Enn 2020/Ufank 2021 si schonn erëm verbraucht.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Kéint de Minister sech weider Krisenhëllef fir déi Betriber virstellen, déi keng Alternativ hu wéi mat der Schwéngsproduktioun weiderzefueren? Wa jo, wéi kéinten dës Hëllef ausgesinn?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Fir wat wéi eng Zwecker dierfe Schwéngsziichter, deen aus ekonomesche Grënn muss ophalen, seng Gebaier , déi an enger Gréngzone leien an Zukunft nach benotzen? Dierf een zum Beispill e Schwéngsstill an ee Päerdsstill ëmfonctionéieren?*
- *Kéint d'Madamm Ministesch sech an deem Kader eng allegéiert Prozedur fir eng Ëmnotzung vun de Schwéngsbetribber, déi an enger Gréngzone leien, virstellen?“*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS  
Deputéierten

André BAULER  
Deputéierten